



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. September 2022

Här President,


Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un den Här Minister fir Kommunikatioun a Medie weiderzeleeden.

An engem Urteel vum 20. September 2022 erkläert den Europäesche Geriichtshaff (EuGH), dass déi däitsch Vorratsdatenspeicherung géint EU-Recht verstéisst. Telekom Deutschland a Space-Net hate virun den däitsche Geriichter géint hiert Telekommunikationsgesetz (TKG) an déi dora virgeschriwwe Pflicht, ab dem 17. Juni Verkéiers -a Standortdate vun hire Cliente mussen ze späicheren, geklot. Dëst ass net dat éischt Urteel vum EuGH an dëser Form a betrëfft och Lëtzebuerg, vu dass eist aktuell Gesetz och esou eng generell Vorratsdatenspeicherung virgesäit.

An dësem Kontext wéilte mir folgend Froen un d'Madamm Justizminister an un den Här Minister fir Kommunikatioun a Medie stellen:

- Wéi ee politeschen, juristeschen a prakteschen Impakt huet d'Urteel vum EuGH fir Lëtzebuerg, wëssend dass et sech net em déi éischt Jurisprudenz an deem Kader handelt?
- Verstéisst eist aktuell Telekommunikationsgesetz zu Lëtzebuerg an den Ae vun der Regierung konkret géint EU-Recht?
- Firwat gétt esou laang gewaart mam Virleeë vum ugekënnegte Projet de loi zum generelle Späichere vun Donnéeën, obwuel de Probleem scho säit Jore besteet? Wéini ass mam Projet ze rechnen?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

A handwritten signature in black ink, consisting of a horizontal line followed by a stylized 'R' and a vertical line.

Gilles Roth

Co-Fraktiounspresident

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'L' followed by 'M' and a horizontal line.

Laurent Mosar

Deputéierten